

1. de Projet de loi 5277 iwwer international maritim Konventiounen, nom Basismodell. Bei dësem Projet ass eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert. De Vote par procuration ass net erlaabt;

2. de Projet de loi 5384 iwwert d'Intérêts de retard, och nom Basismodell;

3. eng Debatt iwwert d'Uwendung vum Subsidiaritéitsprinzip am Kader vum drëtte Paquet ferroviaire an da

4. hu mer och nach um Enn vun der Sitzung d'Naturalisatiounen.

En Donneschden hu mer op eisem Ordre du jour:

1. de Projet iwwert de Schutz vu Kulturgidder, nom Basismodell;

2. d'Projeten 5178, 5179, 5180 an 5181, genannt Paquet Télécom, nom Modell dräi. Dës véier Projekte ginn innerhalb vun enger Diskussioun regruppéiert. De Rapporteur sti fir all Projet eng ugemiesse Riedezäit zur Verfügung.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5277. Et handelt sech heibäi ëm international maritim Konventiounen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et ass bis elo just den honorablen Här Henri Grethen ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

5. 5277 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 9 novembre 1990 portant approbation de certaines conventions internationales en matière maritime

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

M. Marc Angel (LSAP), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 5277, zu deem ech haut schwätzen, reit sech an eis international Gesetzgebung an. D'Zil ass et nämlech, d'Gesetz a Saache Miereskonventionen vum 9. November 1990 ëmzënnern an och ze ergänzen.

Virewech wëll ech awer drop hiweisen, datt et sech bei dësem Gesetzesprojet ëm eng sou genannte Dévolution de puissance souveraine handelt, an anere Wieder erfuerdert dat, datt d'Chamber mat enger 2/3-Majoritéit muss fir dëse Projet stëmmen, fir datt en ugeholl ka ginn.

Déi lescht 15 Joer hu bewisen, datt een Accidenter, déi op eise Stroossen, an der Loft oder um Mier passéieren, net verhënnere kann. Dat bedeit awer net, datt een se net reduzéiere kann. An dat ass d'Haaptuleies vun dësem Gesetzesprojet. Nämlech ons international Gewässer méi sécher maachen, andeems mer méi héich Qualitéitskritäre vun de Schëffer verlaangen, d'Sécherheitsstandarden gradewéi d'Kontrollnorme sollen eropgesat ginn, a gläichzäiteg sollen och besser Bedingunge fir d'Besatzungen agefuerdert ginn.

Och dëse leschten Aspekt, mengen ech, ass besonnesch wichteg, well dat jo och scho laang vun de Gewerkschafte gefuerdert gëtt. Hautdësdays ginn nämlech méi wéi dräi Véierel vum Welthandel iwwert de Waasserwee transportéiert, sief dat iwwert d'Mier, iwwer Séier oder iwwer Flëss. Iwwerall brauche mer ähnlech streng Sécherheitsmoosname fir ons Ëmwelt, ons Fëschbestänn, mä awer

och fir d'Awunner vun de Küsten an Uferregiounen an hiert Liewensëmfeld ze schützen.

Laut Statistike wäert de Schëffsverkéier an deenen nächste Joren och nach weider no uewe goen. An Zäite wou de Pëtrol ëmmer méi rar an och ëmmer méi deier gëtt, wäerten d'Schëffscontainer als idealen Transport ëmmer méi geschat an awer och ëmmer méi benotzt ginn. D'Schëffer ginn ëmmer méi performant, si kënnen ëmmer méi Tonnen an enger kierzerer Zäit transportéieren. Allerdéngs dierf dobäi d'Sécherheet net ze kuerz kommen.

Ech wëll erënneren un e puer schrecklech Schëffskatastrophen an deene leschte Joren, déi d'Küsten a ganz Europa verknascht hunn an de Leit net nëmmen hire Strand verschmotzt hunn, mä och hir Liewensqualitéit verschlechtert hunn. Ech wëll der do e puer nennen, déi an deene leschte Jore passéiert sinn. Am Joer 1993 ass den Uelechtanker „Braer“ virun de britesche Shetlandinselen op Fiels gelaf. D'Resultat war: Méi wéi 85.000 Tonnen Uelech sinn an d'Mier gelaf. An ähnlech war et e puer Joer drop bei engem aneren Accident, d'„Sea Empress“ op der Küst vu Wales, wou iwwer 130.000 Tonnen Uelech ausgelaf sinn.

Mä et sinn net ëmmer d'Uelechtanker, déi fir Opreegung an Entsetze suergen. Et soll ee sech och erënneren un d'Katastrophen vun der MS Estonia, dat Schëff wat de 27. September '94 zu Tallinn a Richtung Stockholm opgebrach ass a wat do leider ni ukomm ass. Deemools sinn do bal 900 Leit ëm d'Liewe komm.

Dofir musse mir eis Flichten als Parlamentarier wouerhuelen an dofir suergen, datt esou Accidenter net méi virkommen. Dofir sollte mir alles ënnerhuele wat zur Sécherheet vun de Fähren, den Tankeren, de Kräizschëffer, de Frachteren bäidréit. Notamment sollen d'Modifikatiounen, déi an dësem Projet de loi stinn, vun deene verschiddene Miereskonventiounen dozou bäidroen, d'Sécherheet um Mier ze verbesseren an d'international Kooperatioun ze verdéiwen.

Zënter dem 9. November 1990 huet sech an der Schëffstechnik vill gedoen. Dëse Projet soll dee juristesche Kader un déi nei Techniken an un déi nei Ufuerderunge vun haut upassen. An anere Wieder, et geet ëm eng Adaptatioun vun de rechtlechen Instrumenter un d'Ufuerderungen an och un d'Erausfuerderunge vun onser Zäit.

Déi international Mieresorganisatioun OMI, déi am Joer 1948 gegrënnt ginn ass, stellt de Rahme fir dëst internationaalt Mieresofkommen duer. Si gliddert sech als Ënnerorganisatioun vun der UNO an dat internationaalt Feld vun de Konventiounen a Verträge an. Am Moment sinn 164 State Member, an alleguer zesummen hu si een Zil virun Aen, nämlech déi international Schëfffahrt méi sécher ze maachen an esou mat zum Schutz vun der Ëmwelt vun den Awunner a vun de Besatzunge bäizedroen.

Opgrond vun deenen heitege Gegebenheeten an och opgrond vun den Accidenter, op déi ech am Ufank agaange sinn, kann ech d'Chamber, Här President, nëmmen dozou opfuerderen, Jo zu dësem Projet ze soen.

Weder de Conseil d'État, nach déi zoustänneg Kommissiounen, hatten iergengewellech Observatiounen zu dësem Gesetzesentwurf ze maachen. Dofir géif ech och heimat den Accord vu menger Fraktioun ginn, an der Hoffnung datt mir duerch dës Ratifikatioun Mieres- a Schëffskatastrophen aus der Vergaangenheet wesentlech reduzéiere kënnen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorablen Här Henri Grethen. Här Grethen.

Discussion générale

M. Henri Grethen (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi d'Gesetz iwwert de Pavillon maritime gestëmmt ginn ass, war d'Demokratesch Partei strikt géint déi Initiativ, well mer der Meinung waren, dass et eng falsch Diversifikatioun vun der Lëtzebuerger Ekonomie wier.

Un där grondsätzlecher Haltung huet sech näischt geännert an och an deene fënnef Joer wou ech Transportminister war hunn ech mech net doduerch ausgezechent, dass ech eng offensiv Politik fir dee Pavillon gemaach hunn. Ech hunn, au contraire, an allen europäesche Réuniounen, an ech mengen, dass d'Ereignisser mer Recht ginn hunn, derfir plädéiert, dass déi héchstméiglech Sécherheitsstandardé géife respektéiert ginn, an zum Beispill Initiative wéi d'Obligatioun bei Pétrolieren nëmme méi Schëffer anzesetzen, déi eng duebel Coque hätten, hunn all Kéier d'Ënnerstützung vun der Lëtzebuerger Regierung fonnt.

Ech sinn dofir frou an dofir kann ech mech mat dësem Projet d'accord erklären, well en d'Sécherheet verstärkt. Ech géif awer d'Regierung warnen dovir, fir an dësem Secteur offensiv virzegoen. De Risiko fir Lëtzebuerg, fir d'Image de marque vu Lëtzebuerg ass ze grouss, an d'Retom-béeën, déi ekonomesch, déi finanziell fir Lëtzebuerg si vill ze vill kleng.

Mir wäerten als Fraktioun eisen Accord zu dësem Projet ginn, deen an d'Richtung vu méi Sécherheet geet, wëllen awer nach eng Kéier ënnersträichen, dass mir der Iwwerzeegung bleiwen, dass dëse Secteur kee Secteur vun der Zukunft vun der Lëtzebuerger Ekonomie ass.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Merci, Här Grethen. D'Wuert huet elo fir d'Regierung den Här Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

(Interruption)

M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*. - Elo ass en un. Ech war nach net laang genuch an der Chamber fir ze wësse wéi dat do geet, schéngt et mir.

Ech hu Kenntnis geholl vun dem Statement vun dem Henri Grethen, deen de Projet hei deponéiert huet nach, an dee gesot huet seng Fraktioun kéint dat hei och droen. Ech wëll haaptsächlech dem Rapporteur Merci soen, dass hien eis duergeluecht huet, ëm wat dass et hei geet.

Hei geet et ëm d'Kompilatioun vun enger ganzer Rei Texter, déi, esouwuel wat de Volumen wéi och de Fong ubelaangt, zesummegeleecht ginn. Mir féieren hei keng Diskussioun iwwert d'Ausrichtung vum Pavillon maritime, sinn awer gär bereet dat heibannen nach eng Kéier ze maachen, vu datt ech do souwisou meng eege Meinung entwéckelt hunn, an déi geet a Richtung, dass dat, wat déi grouss Pétrolieren ubelaangt, fir eis keng Zukunft ass. Do sinn ech mam Henri Grethen d'accord. Ech sinn allerdéngs der Meinung, dass et een Instrument vun Diversifikatioun ka sinn an anere Beräicher, déi eben net just déi grouss Pétrolierschëffer beinhalten. Doriwwer kann ee gedeelter Meinung sinn.

Lëtzebuerg huet net méi esou vill Méiglechkeete fir sech ze diversi-

fiéieren. Mir kënnen nach e puer Saachen zoumaachen. Ech gësin am Moment net, wou mir der opmaachen, an dofir mengen ech, dass all klengt Stéck ee Bäitrag ass zu der ganzer wirtschaftlecher Entwécklung, déi Lëtzebuerg gären hätt. Dofir kënnen mir déi Diskussioun roueg eng Kéier féieren.

Ech mengen, dee Projet hei ass haaptsächlech geduecht, dass mir eng Ofsécherung bréngen, wa Schëffskatastrophen an där doter Aart kommen. Et muss een awer wëssen, dass de Schëffswee vis-à-vis vum Wee duerch d'Luucht nach wie vor eng ganz Rei Avantagé beinhalt, an dass en och muer noutwendeg ass. Ech weess nämlech net, wéi mir soss eis Trägere vun der Arcelor hei aus Europa bis op Shanghai kréien, fir do anstännege Business ze maachen, wa mir dat net um Schëffswee maachen. Dat kënnen mir jo schlecht mat Fligere maachen. Dofir mengen ech, dass dat nach ëmmer eng Zukunft huet an dass mir och sollen do matmaachen.

Mir hunn ee Secteur financier, deen dorun hänkt, mir hunn haaptsächlech den Assurancésecteur, deen do interessant Betätigungsfelder féint. Ech mengen, dass och hei kee Problem dierft si fir d'Chamber fir dat matzestëmmen, well et sech jo dorëm handelt, d'Saach op ganz enger Säit besser ofzesécheren an op där anerer Säit eng Rei Garantië fir d'Leit, déi op deene Schëffer do schaffen, ze bréngen. Dofir wier ech frou, wann Dir der ganzer Saach géingt Är Zoustëmmung ginn.

Här President, dat esouwäit zu deem heite Projet.

M. le Président. - Merci, Här Minister, fir Är Explikatiounen.

Ech géif proposéieren, dass mir de Vote géife reportéieren op heron, no dem nächste Projet. Mir musse jo d'Majoritéit hunn.

Voilà, mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5384 iwwert d'Intérêts de retard. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Bettel an den Här Klein. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner.

6. 5384 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2004 relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard

Rapport de la Commission juridique

Mme Christine Doerner (CSV), *rapporteuse*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass kee Verbrische Scholden ze hunn...

(Hilarité)

..., mä si sinn awer eng iwwel Saach, a ploen net nëmmen deen, dee Sue schëlleg ass, mä och deen, deen der ze kréien huet, an domadder eis ganz Ekonomie. Hei kann nëmmen eng Discipline pécuniaire hëllefen, an dat esougutt am private wéi am kommerzielle Beräich.

Den Napoléon Bonaparte huet a sengem Code civil deen allgemenge Prinzip festgeluecht, dass d'Onpünktlechkeet am Bezuelen nëmmen da kann zivilrechtlech sanktionéiert ginn, wann de Créancier dem Débiteur eng schrëftlech Mahnung zoustellt mat der Opfuerderung seng Scholde fristlos ze bezuelen. Wann net, da lafen d'Zësen vun dem Dag vun dëser Interpellatio, dat wëllt soe vun där Mise en demeure, un.

Dësen Artikel 1153, dee viru méi wéi 200 Joer geschriwwen ginn ass, huet schonns zu där Zäit d'Méiglechkeet vu Sonderregelun-

ge fir d'Handels- an d'Geschäftswelt virgesinn.

Am Joer 1909 hat de Législateur eng Léisung um Dësch, fir déi finanziell Interesse vun den Handwierker an den Einzelhändler, den Détaillants, vis-à-vis vum private Verbraucher ofzesécheren. Dësen Text schreift vir, dass déi gesetzlech Verzuhszënsen automatesch de plano, dat wëllt soen ouni schrëftlech Opfuerderung, dräi Méint no der Liwwerung vun de Wueren oder den Aarbechten ulafen, ënnert der Konditioun selbstverständlech, dass dat an de Facturë festgesat ass.

Am Joer 1984 ass dëst Gesetz iwerschafft ginn, wat den Taux légal betrëfft. Dës zwee Gesetzzer vun 1909 an 1984 zesumme mat den Dispositiounen vum Code civil hunn déi ganz Problematik vun de Retards de paiement a vun de Verzuhszënsen ganz eleng bis d'lescht Joer geregelt. Dat wëllt soe bis zu deem Moment, wou den 18. Abrëll 2004 déi zwee Gesetzzer gläichzäiteg ofgeschaf an ersat goufen duerch dat Gesetz.

Dëst neit Gesetz, dat vun 2004, huet an eischer Linn an haaptsächlech déi europäesch Direktiv iwwert d'Bekämpfung vun de Retards de paiement am kommerzielle Secteur transposéiert. Dës Direktiv huet als Objektiv eise Kleng- a Mëttelbetriber d'Andreiwéi vun hire Rechnungen ze vereinfachen, an dat esougutt a grenziwwerschreidende wéi internationale Geschäftsverbindungen.

Säit e puer Joer bedauert nämlech d'EU-Kommissioun d'Verschlechterung vun de Pünktlech-Bezuele-Praktiken an och d'Ofhuele vum Vertrauen an de Kredit nom Motto: Le crédit est mort, les mauvais payeurs l'ont tué.

D'Gesetz vum 18. Abrëll 2004 setzt sech aus dräi grouse Kapitelen zesummen, datt ass fir d'ëischt d'Kapitel 1, dat transposéiert déi Direktiv an duerch déi Transpositioun hu mir elo intern an eiser Gesetzgebung dräi nei Regeln, déi wichteg si fir eis Kommerzwelt.

Dat ass fir d'alleréischt: Wann net anesches ofgemaach ass, gëtt présuméiert, dass bannen drësseg Deeg no der Rechnung bezuelt muss ginn. Wann net bannen drësseg Deeg bezuelt ass, lafe Verzuhszënsen vun 9%, déi sech baséieren op den Taux directeur vun der Europäescher Zentralbank.

Drëttens, och eng Neierung, de Créancier kann dem Débiteur seng Affekotskäschte fir d'Andreiwéi vu senger Rechnunge viru Geriicht zrëckfroen.

Dëse Kapitel 1, muss een awer bemierken, dee bezitt sech exklusiv nëmmen op all kommerziell Transaktiounen, déi sech tësche Geschäftsleit, Handwierker a Fräiberuffler ofspillen, oder tëschen hinnen an enger Gemeng oder dem Stat.

Domadden ass awer all Struktur gemengt, all Betrib, deen enger wirtschaftlecher oder eegestänneger Aktivitéit noget, egal, ënner welcher juristescher Form dëse Betrib constituéiert ass.

Wat awer elo Transaktiounen betrëfft zwëschent dem Geschäftsmann an dem Consommateur, esou spille weider d'Regele vun de Gesetzzer vun 1909 an 1984, déi awer elo am 2. Kapitel vum Gesamttext vum 18. Abrëll 2004 nei regruppéiert gi sinn. Dës al Texter sinn tils quels mat enger minimaler Ëmännerung an dat neit Gesetz iwwerholl ginn, an am Artikel 12 gëtt festgehalten, dass d'Rechnungen vun engem Geschäftsmann un de Particulier de plano déi gesetzlech Zësen droen. An dat zu engem Zënssaz, dee Joer fir Joer duerch e Règlement grand-ducal fixéiert an am Mémorial publizéiert gëtt.